LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Ufro n°594 vum 9. Abrëll 2024 vun den honorabelen Hären Deputéierte Tom WEIDIG a Fernand KARTHEISER**

Et steet dem Barreau zou, d'Formatioun vun den Affekote selwer ze organiséieren an ze geréieren. An dësem Kader bitt de Stater Barreau eng Formatioun zum Kanneraffekot un.

**Ad 1 & Ad 3**

Et gëtt keng Waardelëscht fir d'Formatioun zum Kanneraffekot. D'Affekoten, déi net un der Formatioun deelhuele konnten, si fräi sech fir déi nächst Formatioun vum Stater Barreau anzeschreiwen.

**Ad 2**

D'Zuel vun den Affekoten, déi interesséiert sinn un der Formatioun zum Kanneraffekot deelzehuelen, variéiert vu Joer zu Joer. De Stater Barreau gëtt sech Méi eng méiglechst grouss Unzuel vun Affekoten ze forméieren. Fir d'Qualitéit vun der Formatioun ze assuréieren, gëtt dës an Ateliere mat klenge Gruppen ofgehalen, esou datt d'Unzuel u Formatiounsplazen awer begrenzt ass.

**Ad 4**

De Bâtonnier huet d'Méiglechkeet interesséiert Affekoten aus anere Grënn wéi der limitéierter Unzuel u Formatiounsplazen ze refuséieren, fir d'Qualitéit vun der Formatioun oprecht ze erhalen. Dëst ass awer nach net virkomm.

**Ad 5**

Bei dëse Prozeduren handelt et sech net em ëffentlech Prozeduren, mä em intern Prozedure vum Stater Barreau.

**Ad 6**

D'Formatioun zum Kanneraffekot fënnt an zwou Etappe statt an ass op zwee Joer opgedeelt. Am éischte Joer schléissen d'Affekoten eng Ganzdaagsformatioun of. Am zweete Joer bitt de Barreau eng *journée de formation « follow-up »* vun aacht Stonnen un. Dës Opfrëschungsformatioun ass obligatoresch, wann een Affekot op der informativer Lëscht vun de Kanneraffekoten ageschriwwe wëll bleiwen.

No der Formatioun zum Kanneraffekot ginn d'Kanneraffekoten encouragéiert, fir sech eegestänneg weiderzebilden duerch Formatiounen, déi vum Barreau organiséiert ginn, oder duerch Formatiounen,

déi am In- an Ausland vun Associatiounen organiséiert ginn, déi an dësem Domaine schaffen. Dës Formatioune sinn awer net obligatoresch.

**<u>Ad 7</u>**

E Kanneraffekot gëtt entweder op der Basis vum Artikel 388-1 vum Code civil oder op der Basis vum Artikel 1007-50 NCPC vum Familljeriichter designéiert. Béid Dispositioune ginn dem Riichter de Pouvoir e Kanneraffekot fir e Kand, dat nach keen Affekot huet, ze nennen.

Am Fall vum Artikel 1007-50 NCPC kontrolléiert de Familljeriichter, ob vum Jugendriichter schonns een Affekot fir d'Kand designéiert gouf, oder ob d'Kand an enger viirechter Instanz beim Familljegeriicht schonns een Affekot hat. Falls béides net de Fall ass, designéiert de Familljeriichter een Affekot fir d'Kand. Wa méiglech gëtt e Kanneraffekot designéiert, deen d'Formatioun vum Barreau ofgeschloss huet. Falls d'Kand awer gären e spezifeschen Affekot hätt, da gëtt säi Wonsch vum Familljeriichter respektéiert.

Falls e Kand op Basis vum Artikel 388-1 vum Code civil an enger Prozedur gehéiert soll ginn, da gëtt deen Affekot designéiert, deen d'Eltere gemeinsam virschloen. Falls sech d'Elteren net op een Affekot eenege kënnen, designéiert de Riichter een Affekot fir d'Kand. De Riichter wielt deen Affekot fir d'Kand aus, deen duerch seng sproochlech Kenntnisser, säin Alter, a gegebenenfalls och säi Geschlecht, am Beschte gëeegent ass, dës Charge unzehuelen. Wa méiglech gëtt e Kanneraffekot designéiert, deen d'Formatioun vum Barreau ofgeschloss huet.

Lëtzebuerg, den 8 Mee 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth MARGUE